adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister an un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Säit dem 1. August 2016 riicht sech de Kannergeld-Betrag zu Lëtzebuerg net méi no der Unzuel vu Kanner. Am Ablack läit en (indexéiert) bei 278,45 Euro. Den altersofhängegen Zouschlag fir Kanner iwwer 12 Joer ass 52,53 Euro. Domat stinn enger Koppel oder enger elengerzéiender Persoun insgesamt 330,98 Euro fir hiert jugendlecht Kand zur Verfügung. Berechnunge ginn awer dovun aus, datt ee Kand am Alter vun 12 bis 18 Joer ee mounatleche Mindestbedarf vu 700 Euro huet. D'Koppel bzw. déi elengerzéiend Persoun muss also pro Mount ronn 370 Euro aus eegener Täsch opbréngen, fir d'Besoine vun hirem Kand ze decken.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister an un d'Madamm Minister:

1) Wéi wierkt sech dësen héije Käschtepunkt op den Aarmutsrisiko vun de Familljen aus?
2) Ass d'Madamm Minister der Meenung, dass Famillje mat Kanner méi sollten ënnerstëtzt ginn, sou dass se op d'mannst hir Käschte gedeckt kréien? Ass d'Regierung net der Meenung, dass d'Kannergeld de reelle Besoinen ugepasst misst ginn?
3) De Statec huet deen uewe mentionéierte Mindestbedarf fir d'Liewen zu Lëtzebuerg gerechent. Ginn et vergläichbar Zuele fir eis Nopeschregiounen an Nopeschlänner, a fir Europa?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten